PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/09/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit, Finanzen & Aarbecht weiderzeleeden.

No enger Tripartite, déi op Initiative vun de Ministere fir Mobilitéit, Aarbecht a Finanzen organiséiert gouf, huet d'Direktioun vu Luxair decidéiert un de Käschteschrauf beim Personal ze dréinen a verschidde Primmen ze sträichen an op de legale Minimum erofzesetzen. Laut engem gemeinsame Communiqué vun der Gewerkschaften, solle folgende Ännerungen op d'Personal zoukommen:

- Démantèlement des carrières par la suppression des avancements salariaux liés à l'ancienneté au-delà de 20 ans pour tous les salariés et au-delà de 15 ans pour les pilotes ;
- Gel des salaires pendant 3 ans ;
- Suspension du paiement du 13e mois pendant 3 ans ;
- Suppression de certaines primes de responsabilité ;
- Réduction des jours de congé au minimum légal notamment par la suppression de 4 jours chômés et du congé lié à l'ancienneté ;
- Suppression du cadeau de 25 ans d'ancienneté et de la prime de départ en retraite ;
- Diminution au minimum légal du taux pour travail de nuit et pour heures supplémentaires ;
- Introduction du parking payant pour tous les salariés ;
- Suppression de la pause payée de 15 minutes ;
- Flexibilisation unilatérale des horaires de travail.

Am Communiqué kritiséieren d'Gewerkschaften iwwerdeems, datt de Sozialdialog bei Luxair vun der Generaldirektioun géif mat Féiss getrëppelt ginn a kritiséieren, datt Mataarbechter als "Low Performers" ofgestempelt ginn.

Elo ass et esou, datt de Lëtzebuerger Staat 39% vun den Aktië bei Luxair besëtzt an deemno ee Matsproocherecht bei strategeschen Decisiounen am Verwaltungsrot huet. Esou gesi

stëmmen d'Fonctionnairen, déi eis Regierung bei Luxair vertrieden, och iwwert esou Decisiounen of. D'Responsabilitéit vun dëse Mesurë leit also och bei de Ministeren.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi steet d'Regierung zu de Mesüre vun der Generaldirektioun vu Luxair fir d'Käschte beim Personal erofzesetzen?

2. Hunn d'Ministere Kenntnis dovunner, datt d'Generaldirektioun hiert Personal als "Low Performers" bezeechent? Wéi evaluéieren d'Ministeren dës Bezeechnung?

3. Wäerten d'Regierung an hier Fonctionnaire-Administrateuren d'Generaldirektioun vu Luxair bei hire Pläng ënnerstëtzen a wäerten di staatlech Verwaltungsréit dës Mesurë matdroen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député